Heefeg gestallte Froen

Wiem gehéiert den iPad?
Et ass e Gerät vum Staat, also aus dem Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE, cf. www.cgie.lu). Den iPad gehéiert net dem LNB, mee e gëtt vum Lycée agesat an och vun de Responsabelen aus dem LNB geréiert a kontrolléiert. De Schüler kritt deen iPad am Kader vun enger Locatioun zur Verfügung gestallt.

Wat kascht den iPad mech als Elterendeel?
D'Locatioun vum iPad kascht 50 Euro d'Joer. De CGIE schéckt eng Rechnung.

Kann ech deen iPad och am Lycée bezuelen?
Nee, dat geet leider net. D'Gerät gehéiert dem CGIE a muss och do bezuelt ginn, de Lycée geréiert den iPad nëmmen.

Wie configuréiert den iPad a këmmert sech ëm d'Applikatiounen?
D'iPad-Responsabel aus dem LNB installéieren all déi néideg Applikatiounen, de Schüler brauch do guer näischt ze maachen.

Ech wëll net, datt mäi Kand e Kont bei Apple mécht. Wéi kann ech dat verhënneren?
De Schüler kritt vun der Schoul en offizielle Kont fir d'Educatioun zur Verfügung gestallt, e muss sech selwer kee private Kont zouleeën.

Muss mäi Kand d'Applikatioune bezuelen?
Den LNB bezillt de Gros vun de Lizenzen fir d'Applikatiounen. An eenzelne Fäll kann den Enseignant dem Schüler eng kleng Participatioun fir d'Lizenz vu fachspezifeschen Applikatioune froen, ähnlech wéi mir et bei de Käschten fir d'Fotokopie maachen.

Ka mäi Kand op deem iPad selwer Apps installéieren?
D'Schüler hu keen Accès zum App-Store a kënne selwer keng Apps installéieren.

Ech wëll net, datt mäi Kand mat deem iPad ze vill spillt.
De Schüler huet technesch net d'Méiglechkeet Apps um iPad z'installéieren. Den iPad ass bewosst sou configuréiert. Et ass e Schoulgerät, do brauche keng Spiller drop ze sinn, ausser et ass an engem pädagogesche Kader. Natierlech kënnen doheem och Spiller iwwert den normale Browser gespillt ginn oder YouTube Videos gekuckt ginn, mee dee Moment läit d'Entscheedung bei iech.

Muss mäi Kand den iPad all Dag mat an d'Schoul huelen?
Jo, et handelt sech beim iPad ëm en Outil wéi e Buch. Vu datt vill Contenu och digital un de Schüler ausgedeelt gëtt (z. B. statt Aarbechtsblieder op Pabeier), muss de Schüler säi Gerät all Dag derbäi hunn an och selwer dofir suergen, datt den Akku moies voll gelueden ass.

Huet de Schüler fräien Zougank zum Internet?
Nee, den Zougank zum Internet gëtt gefiltert. De Filter soll z. B. verhënneren, datt de Schüler Accès zu Säiten mat Contenu fir Erwuessener kritt.

Gëtt mäi Kand duerch den iPad kontrolléiert?
Nee, d'iPad-Responsabel aus dem LNB hunn zwar d'Méiglechkeet, d'Applikatiounen vum iPad ze kucken, mee se gesinn awer net den eigentleche Contenu, also keng Dokumenter, keng E-mailen, asw. Den iPad huet och kee GPS-Modul.

Schafft den LNB just mat Apple-Produiten?
Nee, den iPad ass just den techneschen Outil, deen am Kader vum one2one-Projet vum CGIE, also dem Staat, zur Verfügung gestallt gëtt. Mir schaffen genau esou och mat Microsoft Software, z. B. dem Office365-Environnement a mat Windows op eise Schoul-Geräter.

Bezillt den LNB, wann den iPad futti ass?
Nee, de Schüler bzw. d'Eltere musse fir e Schued um iPad opkommen. Fir all Hardwareproblem ass de CGIE zoustänneg. Consultéiert fir d'Detailler de one2one Kontrakt, deen dir op hierem Internetsite fannt.

Muss mäi Kand en iPad huelen?
All Schüler deen op eng one2one Klass am LNB kënnt, kritt en iPad, et ass e wichtegt Element vum Schoulhalen am LNB.

Learn - Network - Build - Develop

LYCÉE NIC-BIEVER Dudelange

one2one
classes mobiles et connectées